PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/07/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Aktuell ginn op der A13 tëschent Éilereng an Déifferdeng Ënnerhaltsaarbechten duerchgefouert an dat nach bis den 13ten August. D'Autobunn ass vun 20h00 bis 5h00 op dëse Plazen a béid Richtunge gespaart. Gläichzäiteg ass och nach ee Schantje mat enger rouder Luucht um CR172 zu Éilereng/Zolwer - eng Route, déi vu ville Leit als Ausweichroute benotzt gëtt, fir an de Südweste vum Land ze kommen. Déi zwee Schantjer suergen dofir, dass owes op där Plaz vill Trafic entsteet, wat bei den Automobilisten, mee och bei den Awunner op Onverständnis trëfft.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Firwat gouf decidéiert, zousätzlech zum Schantjen zu Éilereng/Zolwer nach ee Schantjen op der A13 opzemaachen?

2. Wéi geet de Mobilitéitsministere grondsätzlech vir, fir ze verhënneren, dass Ëmleedungen iwwert aner Schantercher féieren an esou den Trafic op den Ëmleedunge verdichten?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député